


Kapitalbeteiliqunq der Arbeiter

Wie in der letzten "forum"-Nummer versprochen drucken wir hier die Intervention von Herrn Joseph Jacoby auf der Synodalversammlung vom 18.6.1977 ab. Sie scheint uns insbesonders interessant, weil sie, ungewollt, sehr deutlich den ideologischen Charakter der sogenannten Katholischen Soziallehre offenbart.

(...) "Mir hun et hei tatsächlech matt engem Mëssverständnis ze din. Den Här Thomé huet gesot, d'Fuerderung no Eegentum vun deene klenge Leit - nüt nämmen vun den Aarbechter, och vun de klenge Méttelständer - no Produktiounsgüter, déi Fuerderung géif vu kenger Gewerkschaft erhuewe gin ausser vun de kommunisteschen. 'T as awer elo jhust émgedréit; déi Fuerderung gët jhust nuren vun de kommunistesche Gewerkschafte bekämpft, nüt nämme vun de kommunistesche, sondern och vun deenen, déi eng marxistesch Schlagsäit hun. Déi Fuerderung steet am Grondaatzprogramm vum LCGB, seit ville Joren, si stong am Wahlprogramm, matt deem d'CSV an déi läscht Wahle gaangen as. Et as eng Fuerderung vun der DGB-Gewerkschaft. Innerhalb vun där Gewerkschaft gët et ee Flügel, dee marxistesch Schlagsäit huet an deen as dergéint, an esou as et an alle Gewerkschaften. D'Gewerkschaften, déi sin do gedeelter Meinung. Déi, déi eng kommunistesch Welt wölle bauen, déi si jo drop aus, fir dass déi, déi besteet, fir d'éischt muss zerstéiert gin, an si gesin an der Bedeelegung vun den Arbeitnehmer um Produktiounskapital eng Method, fir d'Aarbechter méi zefriddien ze man, an da wéineger ufälleg fir kollektivistesch, sozialistesch Iddien oder marxistesch Iddien.

Déi Fuerderung, as eng Grondfuerderung vun der Sozialléier vun der Kiirch, jo si as émmer an émmer nees widerhuelt gin, si as an der läschter Zäit ganz aktuell gin, doduerch datt Wirtschaftskreesser, déi sech ausdrécklech als liberal bezeechent hun, duerfir agetruede sin, sou datt elo endlech nees dee Problem do soll opgegraff gin. Si féiren déi jétzeg Krisis zum gudden Deel drop zréck, datt ze laang gezéckt gin as, fir déi Fuerderung ze réaliséieren. Si gesin doran keng méi direkt Aarbechterfuerderung, sondern et as fir si eng Fuerderung fir méi Investitiounskapital an d'Wirtschaft ze kréien; si denken doduerch den iwerflëssegen an de Prestigekonsum zréckzedrécken, doduerch datt d'Arbeitnehmer ugeliert gin, ugespornt gin, méi Geld



ze spueren a bereet ze sin, dat an e Risikokapital unzeleën. Dat géif also d'Investitiounen vun der Wirtschaft verbesseren an et géng héllefén, d'Krisis iwerwannen. (...) Dat hei soll justement en Haaptmëttel sin, fir der Kollektiviséirung viirzebeugen, an duerfir mengen ech och, hätt den Här Thomé Onrecht, wann e mengt, dat kénnt een héchstens als Fernziel huelen; dat as en urgent Ziel, fir déi kollektivistesch Tendenz émzébéien; an et gët och, grad an deene läschte Joren, émmer als prioritärt Ziel durgestallt.

An der Schwäizer Synod as dat och festgehale gin. Ech liesen hei vir, et as vun der Synod Chur: 'Für die gerechte Verteilung des wachsenden Sozialproduktes ist es wesentlich, aus welchen Quellen die Kapitalversorgung gespeist wird. Ein grosser Teil der Kapitalbildung erfolgt heute durch Selbstfinanzierung der Unternehmer; das heisst, ohne dass dadurch Lohnempfänger einen entsprechenden Anteil an Eigentum der entstehenden Vermögenswerte erhielten. Diese einseitige Beanspruchung des Resultates aus dem Zusammenwirken von Belegschaft, Unternehmer und Kapitalgebern, widerspricht den aktuellen Gerechtigkeitsvorstellungen und benachteiligt die Arbeitnehmerschaft. Es ist darum eine mehr als bloss symbolische, sondern tatsaechliche wirtschaftlich ins Gewicht fallende Bildung von Produktionsmitteleigentum in Arbeitnehmerhand anzustreben.'

(...) D'Humanisierung vun der Aarbechtswelt, Matbestëmmung un der Aarbechtsplatz as e ganz anert Gebitt an dat soll ee gur nüt an d'Debatt feieren fir dee Sektor vun der Beteiligung um Produktiv-vermögen. (...) D'Beteiligung um Produktivvermögen (...) as och ee Punkt, wou d'Aarbechter d'accord sin matt fortschrëttlechen Arbeitgebern, z.B. de Verband vun de kathouleschen Arbeitgeber. (...) Deen huet sech x-mol fir déi Iddien ausgesprach, och zum Deel réaliséiert an hire Betrieber an si insistéiren d'lescht Joer nach op hirer Bundeskonferenz, datt soll, wiirklech, ganz urgent dorop gedrängt gin. (...) Projets'en, déi bestin, wölle nüt némmen d'Aarbechter um Produktivvermögen bedeelegen, sondern och déi kleng Selbständeg, bref all Leit, an dat sin 95% an alle Männer, déi bis elo nüt um Produktivvermögen bedeelegt waren, sollen dru bedeelegt gin."